Veinen – Bastenduerf 2-2

En Derby ass ëmmer extra, dat hott ee gëster och erem geséin. En Veiner Equipe déi 87 Minuten laang alles gewiesen hott: Kampf, Leidenschaft a Wëllen.
Bis op déi leetzt 5 Minutten (Nospillzeit inclus) hott néist drop higedéit dass Bastenduerf e Goal giff fannen. An da kommen Unkonzentriertheet an individuell Feeler déi iis ëm déi verdeinten 3 Punkte bringen.

Uagefaang hott de Match relativ equilibriert, mat eem oofgeblockte Schoss vum Dany a mat ëm Distanzschoss vu Bastenduerf.

Bis zur 19.Minutt hott et gedauert bis richtig Schmackes an d'Partie komm ass. E laangen Ball op de Christian, deen am 16m gewoord hott, konnt vum Keeper oofgefaang ginn, allerdings su dass de Christian mat ëmgeplout gi war. De fälligen 11m vum Damian hott den 1-0 Avantage fir eis Fuarwe bedéit.
Dat hott eis Jungen su richteg befliegelt an mir ho weider goud matgespillt.

Chance haate mir wi de Patirck an der Positiun vum leetzte Mann ee Bastenduerwer kurz virum 16m gestoppt haat. De Freistuus ass am Gewaan gelandt.

6 Minutte virum Pausentéi war et iise Käptn, den Dany deen d'Gewouls am Stroofroum ousgenotzt an zum 2-0 anetze konnt. Di Veiner Foussballwëlt war mi wi zefrieden.

Nom Seiteweesel dat selwicht Bild, Bastenduerf hott ëmmer probiert d'Spill vun hannen opzebauen fir dann schnell iiwer d'Seiten no fir ze spillen. Just eppes war anischt an der zweeter Halschent. Veinen hott de Ball ze schnell no fir gespillt an ën nët méi probiert ze haalen.

En Situatiun déi dem Match mi spidd noch en aaner Wendung sollt bringen, war an der 53. Minutt, wi den Didier, eise Goalkeep, de Ball nët ganz regelkonform mat der Hand ousserhalb vum 16m berouert hott, wat mat eener rudder Koort quittiert guuf. Fir hee kumm dofir de Steve rem an de Goal.

An Tëschnzeit haate mir de Matchball um Fouss leien, leider war d'Pass vum Christian op den Danny, déi eleen geent de Keeper ënnerwee waren,, ze unpräzis.

An da kënnt et wi et well su oft am Foussball komm ass. En hiie Ball konnt de Steve nët wéit genouch dégagieren su dass e gegnerische Spiller zum 2-1 verkierze konnt.
Mä et sollt nooch schlëmmer kommen.
An der zweeter Minutt vun der Nospillzeit, béi ëm Corner soll en Orania-Spiller e Bastenduerwer ëmgerappt honn.Wi soot den Arbiter nom Match : et wär "griechisch-römisches Ringen" gewees.
De Problem war just dass keen aaneren um ganzen Terrain, weder mir nooch de Geegner dat genau su geséin hott. De Cadeau guff natirlich vun de Bastenduerwer mat Kusshand ugeholl.
Enstand 2-2.